N° 8105
Entrée le 21.07.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 8105 vum 27. Juni 2023 vum honorabelen Députéierten Léon Gloden**

**Ad 1)**
Am Kader vun der grenziwwerschreidender Kooperatioun gouf 2007 een Aarbechtsgrupp an d'Liewe geruff zu deem d'Policen vun den dräi Länner aus der Muselregioun gehéieren, genannt 3M. Dozou gehéieren d'Regionaldirektioun vun der Police vu Gréiwemaacher, d'Polizeiinspektion vu Merzig am Saarland an d'Gendarmerie nationale vu Metz. D'Ziel vun dëser regionaler, begrenzten Zesummenaarbecht ass et den Informatiounsaustausch um Niveau vun der grenziwwerschreidender Kriminalitéit ze stäerken, dëst duerch Reuniounen vum Aarbechtsgrupp deen ee Mol de Mount zesumme kënnt.

2018 huet sech d'Polizeiinspektion vu Saarburg aus Rheinland-Pfalz dem 3M Grupp ugeschloss. D'Thematiken déi, ënner anerem, an desëm Grupp tratéiert ginn, ginn vun Déifställ, Abrëch, Infraktiounen mat Drogen a Waffen, bis hin zu der Sich no Persounen a Géigestänn mat grenziwwerschreidendem Charakter an och Iwwerfäll op Tankstellen. Puer Mol d'Joer ginn och gemeinsam Kontrollen duerchgefouert.

**Ad 2)**
Am Joer 2021 konnten 7 Leit mat der Zesummenaarbecht vu Frankräich verhaft ginn. De Parquet vu Lëzebuerg huet och am Kader vun dëser Affär den Artikel 10 vum amendéierte Gesetz vum 19. Februar 1973 iwwert de Verkaf vu medezinesche Substanzen an de Kampf géint d'Drogenofhängegkeet libelléiert, deen d'Participatioun un der Haapt- oder Niewenaktivitéit vun enger Associatioun oder Organisatioun mat enger Prisongsstrof vu 15 bis 20 Joer an enger Geldstrof vun 1.250 bis 1.250.000 Euro bestrooft.

2022 konnten am Ganzen 21 Leit verhaft ginn am Kader vu Kooperatioune mat Däitschland, Frankräich, Holland an der Belsch. An zwee Dossieren ass den Artikel 10 vum Parquet libelléiert ginn. An engem Dossier an Zesummenaarbecht mat der däitscher Police konnte 47 Kilogramm Marihuana saiséiert ginn.

Schlussendlech konnten 2023 bis elo 8 Leit duerch eng grenziwwerschreidend gemeinsam Policeaarbecht mat Hëllef vu Frankräich an Holland gefaasst ginn.

Lëtzebuerg, den 21. Juli 2023

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX